



Groupe parlementaire

N°7724
Entrée le 07.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.03.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Aktuell lafen e puer Enquêtes zu der Fro, wien d'Nord-Stream Pipeline sabotéiert an der Energieversuergung vun Europa domat schwéiere Schued zougefüügt huet. Dat ass besonnesch an Däitschland, Schweden, Russland an Dänemark de Fall.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Gesäit d'Regierung vir, fir sech um internationalen Niveau fir eng Haftung vum verantwortleche Staat oder vun deene Staaten anzesetzen, déi un där Sabotageaktioun bedeelegt waren? Wär et net méi ewéi richtig, wann déi schëlleg Staaten déi sabotéiert Pipelinen nees missten op hir Käschte reparéieren an datt déi duerch dat Attentat direkt oder indirekt geschiedegt Staaten an Entreprise géinge komplett indenniséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten